infoMann

actTogether asbl

# Formatiounen

**Fir Fachleit aus de psycho-soziale, edukative, schoulesche Beräicher oder dem Gesondheetsecteur...** déi hier Kompetenzen a Praktiken am Zesummenhang mat der Männlechkeet wëllen ergänzen oder stäerken.

## Offer

- Sensibiliséiere fir d'Thematik vun der Männlechkeet an d'Risike vun der männlecher Sozialiséierung
- Interventiounen an der Grondausbildung an an der Weiderbildung
- Coaching vun Ekippe bei der Entwécklung an Ëmsetzung vu gudde Praktiken

## Konferenzen

Fir all interesséiert Persoun

# infoMann – gender for boys

***gender for boys regroupéiert all Aktivitéiten, déi speziell u Jongen a Jugendlecher geriicht sinn. Dës Formatiounsoffere ginn am léifsten a Kooperatioun mat Fachleit entwéckelt, déi a Kontakt mat Jonke stinn. Dës Fachleit ginn domat Multiplicateuren, déi Jonker an hirer Identitéitsentwécklung ënnerstëtze kënnen an hinnen hëllefen, hir Liewensprojeten ze diversifizéieren.***



D'Zil vun gender for boys drop ass:

- d'Stäerkung vu sozialen a kommunikative Kompetenzen
- d'Iwwerleeung iwwer männlech Rollebiller
- d'Diversifizéierung vu Liewens- a Beruffsperspektiven an Zukunftsprojete




infoMann

actTogether asbl

## INFORMATIOUNEN
## BERODUNGEN
## FORMATIOUNEN

infoMann

actTogether asbl

## Informatiounen a Berodung

**infoMann riicht sech u Männer (Jugendlecher an Erwuessener) déi Informatiounen, Orientéierung, Ënnerstëtzung oder psychologesch Berodung sichen.**

Männer kënnen zu verschiddene Zäitpunkten an hirem Liewen op Schwieregkeete stoussen. Dës kënnen sech weisen

- am perséinleche Beräich
- an der Partnerschaft oder am Familljeliewen
- an der Schoul oder am Beruffsliewen

D'Schwieregkeeten, déi een erlieft, kënnen sech op verschidde Manéieren ausdrécken: gestéiert Wuelbefanne, physesch oder psychesch Symptomer, problematescht Verhalen, oppe Konflikter mam Ëmfeld...

**Zéckt net, fir eis ze kontaktéieren!**

## Missiounen vum infoMann

- Stäerkung vun de Kompetenze vu Männer a Jongen an hirem Liewensëmfeld
- Sensibiliséierung am Beräich vun der Jongen- a Männeraarbecht
- Promotioun vun de Rechter vu Männer a Fraen an der Chancengläichheet tëscht de Geschlechter
- Promotioun vum Wuelbefanne vu Männer a Fraen

Mir proposéieren Iech, zesumme mat eis iwwer Är Situatioun nozedenken – iwwer d'Contrainten, déi Iech begéinen, mee och iwwer déi méiglech Perspektiven.



Mir bidden Iech

- **psychologesch** a pedagogesch **Berodunge**
- **Informatiounen** iwwer Är Rechter
- **Ënnerstëtzung** bei Äre juristeschen, sozialen, schouleschen a beruffleche Schrëtt
- wann néideg, **Weiderleedung** un aner spezialiséiert Servicer

Mir bidden individuell Berodungen souwéi Gruppetreffen tëscht Persoune mat änleche Liewenserfarungen un.

**Eis Berodunge fannen ob Rendez-vous an an engem vertraulechem Kader statt.**

infoMann

actTogether asbl

**39, rue de Bouillon**
**L-1248**
**Luxembourg**

**Tel.: 274 965**

**www.infomann.lu**
**info@infomann.lu**

Facebook

Instagram

**infoMann ass e Service, dee vun der actTogether a.s.b.l. geréiert gett a mam Ministère fir Gläichstellung tëschent de Geschlechter a fir Diversitéit konventionéiert ass**

**IBAN BCEE LU80 0019 3855 5002 5000**